

**Andy Wolff**
Präsident ff. der APCCA

# „Atelieren" nom Unterrecht

## Wou d'Zuele stëmmen, mee d'Realitéit wackelt



Wéi Lëtzebuerger Erzéierinnen an Erzéier de Spagat tëscht Atelier-Pflicht, Krisemanagement an administrativer Belaaschtung musse meeschteren.

Owes, wann dat lescht Schoulpersonal schonn heem gaangen ass, déi nächst fir en Elteregespréich oder e Bilan rëm erakommen, an am Fong just nach d'Leit vum Botzdéngscht duerch d'Couloiren trëppelen, héiert ee Kannerstëmmen aus 1–2 Säll. Do gëtt kee Rechnen, kee Franséisch an och keen Däitsch erkläert. Do geet et ëm déi „wichteg Saachen": mir bastelen, spillen, musizéieren – ënnert dem Deckmantel vu wichtege pedagogeschen Inhalter. Wéi engen? Déi, déi sech am beschte bei den Eltere verkafe loossen, well mir musse schliisslech op eis Zuelen u Kanner kommen ... net, datt nach een denkt, mir géingen net genuch schaffen.

### Vum Gesetz op den Terrain: d'Atelier-Pflicht zënter 2018

Säit der Grënnung vun der ESEB no der "Loi du 29 juin 2017" mussen all d'Erzéier aus dem Primär déi Kanner mat spezifesche Bedürfnisser encadréieren, ausserschoulesch Atelieren halen. No der modificatioun duerch d' "Loi du 23 juillet 2024" handelt et sech hei em 90 Schoulstonnen am Joer, also ronn 2,3 Stonnen d'Woch. Dat nodeems d'Erzéier schonn 28 Stonnen aktiv mat de Kanner geschafft hunn: an der Klass, a klenge Gruppen oder andeems si Schüler duerch d'Schoulgebai nogelaf sinn, fir datt den Titulaire an der Klass bleiwen a Cours hale kann.

Dëst Personal gëtt dacks als „Pompjee" geruff, well soss keen do ass - an an enger Noutsituatioun kann een net waarden oder opschieben, mee et muss direkt gehandelt an deeskaléiert ginn.

### Déi schwéier Dossieren – all Dag

D'Erzéier schaffen all Dag mat Schüler, déi Schwieregkeeten hunn: Kanner aus dem Autismus-Spektrum, Kanner mat Beanträchtegungen, Kanner mat sozio-emotionale Schwieregkeeten an déi sougenannte „Systemsprenger" – just fir e puer ze nennen. Nei Erzéier ginn ouni Guideline an ouni Programm op den Terrain geschéckt, obwuel d'Ausbildung se op esou eng Tâche kaum virbereet. All Kand brauch en individuelle Programm, wou et dacks net duergeet, e „Rechnen Inklusiv" auszedeelen.

D'Educateure mussen sech ëmmer rëm u Schüler mat neien Diagnosen upassen, an dozou Recherche maachen an awer och

bis spéit an d'Nuecht un Affichë schaffen an dës plastifizéieren, fir dass si et bis an déi zweet Stonn packen an net direkt zerrappt ginn. Si sinn dacks a méi wéi engem Cycle oder souguer op verschidde Gebaier a Schoulen opgedeelt – a kennen nëmmen un engem Brochdeel vun de Cycleversammlungen deelhuelen, well et der einfach esou vill wieren, dass si no 1–2 Trimester schonn hir gesetzlech virgesinne Stonnen iwwerschratt hätten. Iwwerstonne ginn et keng: gezielt gi just déi Stonnen, wou een „aktiv" mat engem Schüler schafft. Vir- an Nobereedung ginn net matgezielt.

## Concertatioun, Dossieren a Rapporte: vill Zäitinvest, wéineg Unerkennung

Jee no Direktioun, jee no Schüler a Famillјesituatioun, sëtzt een och reegelméisseg mat der CI, engem Centre de Compétence, mam Diagnostiker, mat der Famill, dem Schoulpersonal an externe Leit zesummen – oder et gi laang Telefonater mam Parquet, SCAS, ONE a Co. Dacks erzielen d'Kanner am individuelle Kader oder a klenge Gruppe Situatiounen, déi soss ni ugeschwat géife ginn. Dobäi komme Rapporten u Parquet, un d'CI oder eis PPCI'en – mëttlerweil ganz individuell ugepasst, „vun der KI".

## De Monolog um Schreifdësch: wat fir en Atelier?

D'Schoul leeft zwou Wochen, et muss een d'Kanner kenneléieren, an och d'Schoulpersonal kann net direkt Kanner an Atelieren aschreiwen, wann d'Schwieregkeeten nach net kloer sinn.

„Dann iwwerleeë mir mol … Ah! An der Versammlung gouf gesot, d'Schüler kéinten sech net gutt konzentréieren. Ech kéint eppes dozou maachen – d'Direktioun fënnt dat awer ze schoulesch, an no der Schoul ka kee Kand sech méi konzentréieren. Ok, dann … mir hu vill Gewalt, ech kéint do dru schaffen! Natierlech komme grad déi Kanner net. Hmm … Mir fält näischt méi an … Soss maachen ech einfach Gesellschaftsspiller … mee dat kréien ech sécher net accordéiert … D'Kanner ginn an d'Maison Relais, déi aner hu Sport, Musek a Co … mee ech muss jo eppes maachen … Komm, ech froe mol d'KI, wéi ech dat verkafe kann:

‚Atelier: Mission Ensemble! Favoriser la coopération, la communication et les interactions sociales entre les élèves. Développer la concentration, le respect des règles et la gestion des émotions. Stimuler les compétences langagières, logico-mathématiques et socio-émotionnelles à travers une activité motivante et structurée.'

Kléngt gutt – huelen ech! D'Direktioun seet näischt dozou … a lass et geet. Elo nach d'KI de Bréif fir d'Eltere schreiwe loossen … ‚renforcer sa confiance en soi', ‚vivre des réussites collectives', Kooperatioun, Konzentratioun an Emotiounskontroll stinn och dobäi – domat hunn ech jo fir jiddereen eppes."

Well déi Ateliere fir eis Virgesetzten esou eng Wichtegkeet hunn, verpasse Kanner Aktivitéiten, déi hinne wuel méi géife bréngen – hir Hobbyen. Och bei Atelieren, déi jidderee kéinten uschwätzen, hält sech den Interessi op ville Plazen a Grenzen. An den niddrege Cycle sinn d'Chance fir Kanner an en Atelier ze kréien op d'mannst nach deelweis do, vill manner Kanner si schonn sou chargéiert mat Hobbyen a Pflichten – mee net all Erzéier an net all Schoul huet d'Méiglechkeet, grad mat deene Kanner ze schaffen, well jo „fir jiddereen eppes" ugebuede soll ginn.

## Stramm geplangt oder flexibel? Ofhängeg vun der Direktioun

Et ginn Direktiounen, do ass alles stramm duerchgeplangt: Wéini d'Atelieren ofgehale ginn, wéi vill Kanner pro Persoun a wat genee den Inhalt ass. Lëschte mat Autorisatioune musse Wochen am Viraus erageereecht ginn. Nieft den Autorisatiounen, déi den Erzéier scho vun den Elteren huet, schéckt d'Direktioun nach eemol e Bréif heem. No Tonne Changementer an nodeems d'Erzéier e puer Elteren nogelaf sinn, fir hiert Kand anzeschreiwen, sinn anerer schonn erëm ofgesprongen.

Sou verginn d'Wochen, an et ass Allerhellegevakanz, bis ee richteg ufänke kann. Mëttlerweil si mir awer bei iwwer 3 Stonnen d'Woch, fir iwwerhaapt op eis Stonnen ze kommen – an d'Bilans fänken direkt rëm un. Wou en „normale" Bilan a 15–20 Minutten duerch ka sinn, daueren d'Bilans mat PPCI dacks zwee oder dräimol sou laang – jee no Fall.

Op anere Plaze gëtt d'Wichtegkeet vun den Atelieren och gesinn, mee se ginn anescht gehandhaabt: Stonnen, déi benotzt ginn, fir d'Schüler op Ausflich ze begleeden, kënne mat bäi gerechent ginn. Bei de ville Schüler, déi verschidden Erzéier ze stemmen hunn, kënnt do vill zesummen. Et ka jo net vum Schoulpersonal erwaart ginn, mat enger Klass eleng oder nëmme mat enger net ausgebilter Persoun fortzegoen, wann ee Schüler fortleeft oder aggressiv gëtt. Op anere Plaze muss all eenzel Situatioun duerch d'CI gepréift ginn, fir d'Participatioun an der hebdomadairer Tâche ze comptabiliséieren; nach aner Direktioune soen einfach: „Et gehéiert zu denger Tâche!

" Mee elo schaffen ech jo awer aktiv mat Schüler ausserhalb vu menge Stonnen? Misst dat dann net … CET …?"

## Umeldung, Bürokratie a Kontroll

D'Umeldunge fir Atelieren ënnerscheeden sech staark: vu Wochen-am-Viraus-Aschreiwungen a säiteweise Skripten, wou all Detail erkläert gëtt, bis zu enger einfacher Lëscht mat Nimm, Aktivitéit a Begrënnung. Hei freet ee sech ob et net méi produktiv wier, dass eng Direktioun sech sur Place selwer ee Bild maache kéint vun der Aarbecht, wéi dass Dokumenter gutt klengen.

## Wéini a wou? D'Plage fir Atelieren

Op verschiddene Plaze kann d'Personal d'Atelieren an de Mëttesstonnen, um 16 Auer, Dënschdes/Donneschdes am fréien Nomëtteg oder souguer a Kooperatioun mat Flüchtlingsheemer Samschdes moies ofhalen. Op anere Platze gesäit et anescht aus, do ginn d'Deeg an d'Plage ganz genau virginn. Och hu munch Direktiounen eng Aart „Surveillance" viru Schoulufank, wou placéiert Schüler aus Foyeren oder Schüler aus Flüchtlingsheemer, déi Moies schonn extreme Stress ausgeliwwert sinn, an engem angeneeme klenge Kader kënnen ukommen, ier am Haff scho voll Aktioun ass. An och dono besteet d'Méiglechkeet dat Schüler déi no der Schell nach net prett si fir an d'Klass ze goe, nach bleiwe kënnen an een Erzéier weider mat hinne schafft, bis si sech prett fillen. Dës Moossnam stäerkt d'Inklusioun, well si d'Kanner virum Unterrecht entlaascht an e stabille Start an de Schouldag erméiglecht, onofhängeg vum Background an de Situatiounen déi si Moies erlieft hunn. Och kéint een dëst z.B. fir Kanner aus dem Autismus-Spektrum ausbauen, déi sou net der ganzer Hektik ausgesat wieren, a bësse méi spéit an hier Klasse kënne goen, wou déi aner Schüler schonn ukomm sinn.

Ufanks gouf souguer un d'Vakanze geduecht (Allerhellegen, Fuesent,..), wou Sport a Musek net stattfannen an d'Kanner (wann se net fort sinn) méi Zäit hätten. Mee de Saz aus der «Loi du 23 juillet 2024 fixant la tâche du personnel éducatif et psycho-social des services et administrations de l'Éducation nationale et modifiant» – „des ateliers de remédiation à prester pendant la période scolaire, en dehors des cours." – mécht dat onméiglech. Dobäi kënnt elo offiziell d'Summerschool. Elo kënnen – a mussen – d'Erzéier an der grousser Vakanz schaffe goen. D'Zilsetzung ass kloer, wann iwwert d'Joer net genuch Kanner ugemellt

waren oder net genuch Stonne prestéiert goufen, muss een an der Vakanz „noschaffen". Och wa keen an der Vakanz schaffe wéilt an d'Stonnen erreecht sinn, esouguer wa kee Besoin vun de Kanner hirer Säit do ass, soll an all Duerf eppes ugebuede ginn.

D'Realitéit: Op ville Plazen hunn zwee oder méi Erzéier ganzer 1 Schüler encadréiert. Aner Offeren si komplett ausgefall, well nëmmen 1–2 Kanner ugemellt waren – Elteren hunn „einfach an Ongedanken ënnerschriwwen oder waren net am Land.

### Iwwerlaaschtung a Status: vill Verantwortung, kleng Marge

Mir schwätze vun A2-Employéen, déi sech ee Joer laang hetzen, déi wuel am Duerchschnëtt méi wéi déi gesetzlech virgeschriwwe 44 Stonnen d'Woch schaffen. Mir hunn ëmmer méi Schüler, déi méi Ënnerstëtzung brauchen – a gläichzäiteg gi Stonnen déi iwwert d'Joer agespuert musse ginn, fir eng Summerschool genotzt, wou op ville Platzen net valoriséiert oder iwwerhaapt an Usproch geholl gëtt, oder vun Elteren als ze komplizéiert ugesi gëtt, well hier Kand jo schonn an eng Maison Relais geet, an do méi laang encadréiert ka ginn.

Bei den Temps partiel ass et d'selwecht: Obwuel et vill Schüler gëtt, déi keng Stonne kréien oder ze kuerz kommen, sinn d'Erzéier– mat Bléck op d'Gesetz – dozou gezwongen, no der Schoul Kanner ze betreien, amplaz méi flexibel méi „Assistance" kënnen ze iwwerhuelen, ofgeschwat tëscht Direktioun a Professionellen.

### Material a Budget: dacks Fehlanzeige

De Budget ass op ville Plaze kaum existent oder kleng bemooss an opgedeelt op vill Erzéier, a muss fir d'ganzt Joer duergoen – net just fir Atelieren. Vill Schoulen si fir d'Aarbecht mat „Kanner à besoins spécifiques" guer net equipéiert a sou munch Gemenge waren sech der Aufgab vun der ESEB laang Zäit guer net bewosst.

### Fazit

No villen Diskussioune mat Erzéier an Erzéierinnen am ganze Land zeechent sech e Bild vu ville „Versiounen", wéi geschafft gëtt. Et gëtt och déi, déi wéinst dësen Atelieren hir Direktioun oder souguer d'Aarbechtsplaz ganz gewiesselt hunn.

De mentale Stress ass héich, stänneg Oruffbereetschaft, komplex Situatioune mat de Schüler am Alldag, kierperlech Attacken, esou wéi Plainte vun Elteren hëllefen dobäi net. Duerno geet een heem vir- an nobereeden – well an der Schoul huet ee meeschtens kee Sall mat Computeren, nach krut ee vum Ministère oder der Gemeng Laptoppen oder fir administrativ Aarbecht fräigeschalten iPaden.

Déi vum Ministère virgesinn Unzuel u Stonne pro Joer, fir Concertatiounen, Elteregespréicher an administrativ Aarbecht leie wäit vun deem ewech wat d'Erzéier tatsächlech schaffen – an trotzdeem mussen d'Erzéier op d'Zänn bäissen an onbezuelten Iwwerstonne maachen, fir hier Aarbecht akkurat ausféieren ze kënnen. Dorënner leit d'Preparatioun vun de Stonnen – an domat genee dee wichtegsten Deel: Dann wann den Erzéier bei de Kanner ass. An dacks profitéieren net déi Kanner, déi d'Atelieren am meeschte brauchen, mee déi, deenen hir Elteren sech d'Participatioun zäitlech erlabe kënnen oder se unhuelen. Déi gewënscht Zilgrupp huet no der Schoul dacks schonn eng Rei Rendez-vous: Orthophonist, Psychomotorik, Psycholog, Aide en famille oder si wëllen einfach mol mat hirem Kand sinn, an dat maache wat hinne Spaass mëscht an net dat wat se ëmmer opgezwonge kréien.

Dat Bild wat entsteet, ass kloer. D'Erzéier droen, iwwer Atelieren eraus, eng grouss Laascht am System. Se maachen, wat geet mee si zerräissen sech tëscht Ufuerderung, Bürokratie a feelende Ressourcen um Terrain. An do verléiert d'Schoul wuel genau dat, wat se gewanne wëll: Zäit a Qualitéit bei de Kanner.

*Wolff Andy*

